



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **18 DEC. 2020**  
Réf. : QP-89/2(3177)

REÇU  
Par Aiff Christian , 09:20, 18/12/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°3177 du 19 novembre 2020 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam Tanson

**Äntwert vun der Madame Sam TANSON, Ministesch vir Justiz op d'parlamentaresch Fro  
n° 3177 vum 19. November 2020 vum honorabelen Deputéierten  
Marc GOERGEN**

1. Op Nofro bei der Chambre des huissiers de justice, schéngt et souzesinn dass déi Praxis an eenzele Fäll ugewannt ginn ass.

Eng Indikatioun vun der Telefonsnummer vum huissier an der Dossiers-Nummer vum huissier ass keng Violatioun vum Dateschutz vu dass keng personell Donnëen do affichéiert sinn.

Dobäi kënnt dass déi Moosnam (Interventioun vum huissier) no engem Urteel kennt, an dass op base vum Artikel 88 vun der Verfassung souwuel Sëtzungen wéi de prononcé vun engem Urteel an enger öffentlecher Sëtzung ofgehalen ginn.

2. D'Chambre des huissiers präziséiert dass esou Fäll just stattfannen wann den debiteur virdrun nett op seng Ufroen reagéiert huet. Dës Praktik ass och motivéiert doduerch fir eng forcéiert Exekutioun mat Interventioun vun engem Schlesser an der Police an d'Wunneng vum debiteur z'evitéieren.
3. Donnëen vun engem Dossier ginn vum huissier de Justice net no baussen kommuniquéiert. Den secret professionnel spillt.
4. Den Artikel 29 vum Gesetz vum 4ten Dezember 1990 seet:

*« Le procureur d'Etat veille au maintien de l'ordre et de la discipline des huissiers de justice de l'arrondissement et à l'exécution des lois et règlements qui les concernent.*

*Il instruit les affaires dont il est saisi sur plainte ou dont il se saisit d'office et les défère au tribunal d'arrondissement, chambre civile, s'il estime qu'il y a infraction à la discipline. Il en informe la Chambre des huissiers pour demander un avis ».*

Den Procureur d'Etat kann also Affären instruéieren an un d'Geriicht weiderginn. An de leschte 5 Joer goufen vum Procureur d'Etat dräi Affären instruéiert, wouvun der zwou un d'Geriicht weiderginn goufen. Keng vun deenen Affären war am Zesammenhang mat dem Objet vun dëser parlamentarescher Fro.